



N°7597
Entrée le 14.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.02.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 14. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Zanter 2018 ass elo dat aktuellt Déiereschutzgesetz a Kraaft. An deem Kontext wär et intressant, en éischte Bilan ze zéie vun der Aarbecht vun all deene Leit, déi Dag fir Dag um Terrain schaffen, fir d'Wuel vun den Déiere sécherzestellen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Wéi ass de Service vum Landwirtschaftsministère allgemeng opgebaut, fir d'Wuel vun den Déiere sécherzestellen? Wéi vill Persoune schaffen an dësem Service a wéi gesäit hiren Aarbechtsalldag aus?
2. Wéi vill Verstéiss am Hibleck op d'Déierewuel goufen zanter dem Akraaft triede vum Gesetz vun 2018 detektéiert? Bei wéi ville vun deene Verstéiss huet et sech ëm Notzdéiere gehandelt a bei wéi ville Verstéiss ëm Hausdéieren? Vu wéi enger Natur waren dës Verstéiss? Wéi goufen dës Verstéiss der Justiz signaléiert a wéi goufen se bestrooft?
3. Am Hibleck op d'Déierewuel bleibt an eenzelen, schwéiere Fäll leider nëmmen nach d'Méiglechkeet, en Déier ze euthanaséieren, fir et esou vu senger Péng ze erlëisen. Huet den Här Minister Informatiounen doriwwer, wéi vill Notzdéieren zënter dem Akraaft triede vum Gesetz vun 2018 hu missen euthanaséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Gemeinsam Äntwert vum Här Claude HAAGEN, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, a vun der Madamm Sam TANSON, Justizministee, op d'parlamentaresch Fro n°7597 vum honorabelen Deputéierten Jeff ENGELEN

1. Wéi ass de Service vum Landwirtschaftsministère allgemeng opgebaut, fir d'Wuel vun den Déiere sécherzestellen? Wéi vill Persounen schaffen an dësem Service a wéi gesäit hiren Aarbechtsalltag aus?

Am Landwirtschaftsministère fällt d'Déierewuel ënnert d'Kompetenz vun der Divisioun vun der Déieregesondheet an dem Déierewuel vun der lëtzebuurger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA). De Moment si 6 Veterinärsinspekteren all Dag am Asaz fir d'Déieregesondheet an d'Déierewuel ze kontrolléieren a, wann néideg, den Déieren ze hëllefen. Dozou gehéieren ë.a. Routineskontrollen op de Betriber mee awer och Kontrollen op Betriber oder bei private Leit op Grond vu Plainten.

Zousätzlech gesäit d'Déiereschutzgesetz eng ganz Rei Autorisatioune vir, engersäits fir bestëmmten Déierenaarte woufir een eng Autorisatioun fir d'Haltung brauch, an anerersäits och fir eng ganz Partie Aktivitéite mat Déiere wéi z.Bsp. den Handel, d'Zucht vu bestëmmten Aarten a Pensiounen, fir der nëmmen ë puer ze nennen (Art.6 (2) vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018). Och fir dës Autorisatioune sinn d'Veterinärsinspekteren um Terrain ënnerwee, fir d'Anhaltung vun de gesetzleche Bestëmmungen ze kontrolléieren. Vun deene 6 Veterinärsinspektere këmmert een sech a Vollzäit an déi aner an Deelzäit em d'Déierewuel, wouzou net nëmme Kontrollen um Terrain mee och aner z.Bsp. administrativ Charge gehéieren oder och d'Kontroll vum Déierewuel vun de Versuchsdeieren. An de Schluechthaiser gëtt d'Déierewuel all Dag vun 3 Veterinärsinspekteren a Vollzäit kontrolléiert. D'ALVA wäert och dëst Joer nach en weidere Veterinärsinspekter astellen, deen sech exklusiv em den Déiereschutz bekëmmert.

2. Wéi vill Verstéiss am Hibleck op d'Déierewuel goufen zanter dem Akraafttriede vum Gesetz vun 2018 detektéiert? Bei wéi ville vun deene Verstéiss huet et sech ëm Notzdéiere gehandelt a bei wéi ville Verstéiss em Hausdeieren? Vu wéi enger Natur waren dës Verstéiss? Wéi goufen dës Verstéiss der Justiz signaléiert a wéi goufen se bestrooft?

Zanter dem Akraafttriede vum Gesetz vun 2018 goufen 272 Verstéiss gemellt. Dovu waren d'Notzdéieren a 65% vun de Fäll betraff an d'Hausdeieren a 35%. Et handelt sech haaptsächlech em Verstéiss betreffend een adaptéierte Logement, adaptéiert Fudder an och d'Houffleeg. Jee no der Gravitéit vum Verstouss kréien d'Proprietären d'Méiglechkeet, sech innerhalb vun enger Frist konform ze setzen. Wann dat net de Fall ass oder de Verstouss méi gravéierend ass, gëtt d'Affär un de Parquet virugeleet.

62 Dossieren goufen zanter dem Akraafttriede vum Gesetz vun 2018 um Parquet opgemaach.

Bei 49 Dossieren handelt et sech ëm Hausdéieren, bei 8 ëm Notzdéieren an bei 5 Dossieren ëm wëll Déieren.

Bei 28 Dossieren handelt et sech ëm Déierequälerei, bei 29 ëm d'Ënnerloosse vun enger adequater Ernährung, Gedrénks, Sooin'ën oder d'Ënnerbréngung an enger Behausung déi net den physiologeschen an ethologeschen Besoine vum Déier entsprécht. 5 Dossieren concernéieren d'Halen vun Spezies di net op der Lëscht vun autoriséierten Déieren stinn.

An den meeschten Fäll goufen d'Verstéiss vun Privatpersounen der Police oder den Justizautoritéiten gemellt. An aneren Fäll hunn Policebeamten sëlwer d'Fait'ën constatéiert, oder d'Police an d'Justizautoritéiten goufen vun Veterinaren, dem Landwirtschaftsministère, der Veterinairenspektioun oder der Naturverwaltung informéiert. Am Kader vun dësen Dossieren goufen 76 Ranner, 75 Hinger, 42 Kanéngercher, 31 verschidden Zorte Villercher, 11 Hënn, 10 Inten, 7 Dindë, 3 Päerd, 3 Geessen an 1 Kaz saiséiert.

Vun den 62 Dossieren goufen der 34 ouni Suitte klasséiert aus diverse Grënn, z.BsP. wëll Verwarnungen un di concernéiert Persounen ausgestallt goufen, eng geréng Beanträchtegung vum ordre public oder ongenügend Beweiser virlouchen, den Auteur onbekannt war oder d'Situatioun sech regulariséiert huet, oder den Proprietär d'Déier renoncéiert huet.

An 21 Dossieren goufen folgend Urteeler gesprach: 2 Fräispréich, 4 Verurteilungen zu Prisongsstrofen mat Geldstrofen an 15 Verurteilungen zu Geldstrofen. Am Kader vun dësen Verurteilungen goufen desweideren Confisquatioune vun 15 Hënn, 10 Spannen, 1 Kaz an enger Réi Schlaangen a Skorpionen, souwéi 11 Verbueter Déieren ze halen ausgesprach.

An 7 Dossieren gëtt aktuell nach enquêtéiert.

3. Am Hibleck op d'Déierewuel bleift an eenzelen, schwéiere Fäll leider nëmmen nach d'Méiglechkeet, en Déier ze euthanaséieren, fir et esou vu senger Péng ze erlësen. Huet den Här Minister Informatiounen doriwwer, wéi vill Notzdéieren zënter dem Akraafttriede vum Gesetz vun 2018 hu missen euthanaséiert ginn?

An absolutten Zuele goufe vun 2018 bis haut 13674 Notzdéieren (Ranner a Schwäin) euthanaséiert. D'Käschte vun dësen Euthanasië, déi vu Veterinären duerchgefouert ginn, gi vum Staat iwwerholl.

Lëtzebuerg, den 14. März 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN